

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5996 ass mat 56 Jo-Stëmmen, bei kenger Géigestëmm a kenger Nee-Stëmm, ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5996 est adopté à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Paul-Henri Meyers), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. Romain Schneider), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vum eiselem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi iwwert den Accès vum der Police an der IGP zu perséinlechen Donnéeën. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Roth.

3. 5986 - Projet de loi relative à l'accès des autorités judiciaires, de la Police et de l'Inspection générale de la Police à certains traitements de données à caractère personnel mis en œuvre par des personnes morales de droit public et portant modification:

- du Code d'instruction criminelle, et

- de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police

Rapport de la Commission juridique

» M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 5986 regelt den Zougang vum de Justizautoritéiten, der Police an der Polzeiinspektioun zu verschiddenen Datebanken, déi vun aneren öffentleche Verwaltungen an Établissements publics gefouert ginn.

Dëse Gesetzesprojet mag vu senger Matière hier an engem eischten Uschäin vum enger méi technescher Natur sinn. Deem ass awer net esou. Am Contraire. Et geet ëm eise Rechtsstat an dobäi méi genee ëm den delikaten Équilibre tëschent enger effikasser Kriminalitéitsbekämpfung engersäits an dem Schutz vum de Grondfräiheeten, de Grondrechter an am Speziellen der Privatsphär vum Bierger op där anerer Säit.

Dass d'Sich no deem richtegen Équilibre do net einfach ass, gëtt doduerch verdäitlecht, dass déi Debatt, déi mer haut féieren, an der Substanz scho viru ronn zéng Méint, den 9. Juli 2008, an dësem Haus stattfonnt huet. Am Kloertext betrëfft de Gesetzesprojet vun haut eng Rei Nobesserungen zu dem Gesetz vum 22. Juli 2008, dat zënterhier den Zougang vum de Justiz- a Polzeiäutoritéiten zu verschiddenen Datebanke regelt.

Här President, d'Kriminalitéit hëlt ëmmer nei Formen un, heiheem an am Ausland. Si ass grenziwwerschreidend. Fir eng effikass Bekämpfung vum der Kriminalitéit, an dat am allgemengen Interessi vum der Sécherheet vum Bierger, brauche Justiz a Polzei ugepasste Moyenen.

Zu de Mëttele vum enger effikasser Vertriechsbekämpfung zielt och en Zougang zu den néidegen Informatiounsquellen. Dësen Zougang zur Informatioun ass am Prinzip legitiméiert, wann e fir d'Vertriechsbekämpfung noutwendeg ass. Hie muss a sengem Ausmooss do ophalen, wou de Schutz vum der Privatsphär Virrang huet.

D'Madame Flesch hat bei der Debatt zum Gesetz vum Juli 2008, wat mir haut nobesseren, ganz trëfeg dem Statsminister seng Ried zur Lag vum der Natioun aus dem Joer 2007 zitëiert, dee sot: „Am Prinzip gëllt: D'Sécherheet vum de Leit geet vir! Am Zweifel gëllt: D'Fräiheet huet Virfahrt, well de Schutz vum der Privatsphär ass eng Statsaufgab.“

Här President, d'Nobesserungen vum dem Gesetz vum 2008 hu sech als néideg erweisen. D'Gesetz vum Juli 2008 gouf deemools eestëmmege vum der Chamber gestëmmt. Et huet ouni Zweifel de Mérite, dass et ee legale Kader gesat huet, fir den Zougang vu Justiz a Polzei op d'Datebanken ze regelen. Déi ganz Schwieeregkeet besteet an dësem Domän doran, an engem generelle Gesetzestext e gesellschaftspoliteschen Équilibre tëschent Kriminalitéitsbekämpfung a Schutz vum der Privatsphär ze garantéieren, deem awer och an der Praxis déi ganz Bandbreit vu Fäll, déi sech op dësem Gebitt kënnen stellen, ëmfaasst.

Et huet sech grad an der Praxis erweisen, dass d'Gesetz vum Juli 2008 nëmme mat onverhältnisméissegem Opwand u persönnellen, finanziellen an technesche Mëttelen ëmgasat ka ginn. D'Ëmännerungen, déi de Gesetzesprojet 5986 virgesäit, stellen d'Zil vum dem Gesetz vum 2008 net a Fro. D'Mëttele fir eng effikass Kriminalitéitsbekämpfung géifen der Praxis méi ugepasst. De Schutz vum de Grondfräiheeten an de Grondrechter vum dem Einzelne soll dobäi awer geséichert bleiven.

Konkret gi folgend Ëmännerungen virgeholl:

De Moment huet um Niveau vum de Justizautoritéite just de Procureur d'État eleng Zougang zu Datebanken, déi vun anere staatleche Verwaltungen an Établissements publics gefouert ginn. Am Speziellen handelt et sech, wéi am Gesetz ageschriwwen, hei ëm: den allgemenge Persouneregister; d'Fichiere vum den Affiliatiounen bei der Sécurité sociale, dat heescht bei wien den Asuré schafft - d'Donnéeën, déi d'Gesondheet betreffen, sinn express ausgeschloss -; d'Fichiere vum den Asylbewerber, den Auslänner an deene Leit, déi e Visa ufroen; d'Fichiere vum den Handelsermächtigungen; deene vum de Führerschäiner grad wéi de Register vum den Autosplacken; d'Fichiere vum der TVA an de Wafferegister.

Den Ëmkrees vum de Persounen, déi Zougang zu dësen Datebanken hunn, gëtt elo erweidert. Nieft dem Procureur d'État soll elo och de Procureur général Zougang zu dëse Fichiere kréien. De Procureur général ass zoustänneg ënner anerem fir de Strofvollzuch. Dee brauch dofir ënner anerem Informatiounen iwwert déi aktuell Adress vum de betraffene Leit.

Och d'Membere vum dem Parquet, also d'Substituten, kréien elo Zougang zu deene Fichieren. Si brauchen dat, fir d'Gerichtsvirledung ze preparéieren, besonnesch fir déi richteg Adress vum der Persoun ze fannen, déi viru Gericht sollt zitëiert ginn.

Schliesslech kréie verschidde Leit vum dem Gerichtspersonal Zougang zu de Fichieren. Et si si, déi an der Praxis mat deenen administrativen Aarbechte betraut sinn. Fir den Zougang zu den Datebanken ze kréien, mussen si dofir awer nominativ vum Procureur général respektiv dem Procureur d'État ermächtegt ginn.

Keen Zougang kritt d'Gerichtspersonal zu de Fichiere vum den TVA-Immatrikulationen.

Här President, deen an der Öffentlechkeet sécherlech meescht diskutéierte Punkt am Virfeld vum dësem Gesetzesprojet ass dee vum dem Zougang vum de Polzeiäutoritéiten

zu den Datebanke gewiescht. Den aktuellen Text aus dem Juli 2008 gesäit e limitéierten Zougang eleng fir d'Officiers de police judiciaire vir. Dës Restriktioun huet awer an der Praxis zu ville Schwieeregkeete gefouert. D'Police war staark behënnert, fir hiren Aufgaben effikass kënnen nozegoen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Am September 2008, also beim Akraaftriede vum dem aktuelle Gesetz, sinn d'Consultatiounen vum de Fichieren ëm 37% erofgaangen. Eng Rei vu Recherché konnten net méi gemaach ginn. D'Polizeiäarbecht huet dorënner gelidden. Déi sougenannten Agents de police judiciaire - an der Ofkierzung APJ - hunn op Basis vum der aktueller Gesetzgebung nämlech keen Zougang zu den Datebanke gehat. An der Regel sinn et awer si, déi d'administrativ Aarbechten an d'Iwwerprüfung fir d'Officiers de police judiciaire maachen.

D'Officiers de police judiciaire sollen hirsäits am Interessi vum der allgemenger Sécherheet hir Aarbecht op dem Terrain kënnen maachen. D'Bezeechnung „Officier de police judiciaire“ oder OPJ ass net gläichzesetze mat de Leit aus der Offiziéeschcarrière vum der Police.

Op ronn 1.500 Polizeibeamte ginn et de Moment ronn 580 Agents de police judiciaire. Déi 500 nei Polizeibeamten, déi an den nächste Jore wäerten agestellt ginn, sinn am Ufank vum hirer Carrière Agents de police judiciaire. D'Differenz vum engem OPJ an engem APJ ass duerfir net eng vu Studien, der Formation oder anere Fäegkeeten. Si läit intern an der Police an engem Passageexamen, deen no sechs Joer Dëngschtzäit gemaach gëtt an eng Formation ofschléisst, déi op d'Missiounen vum engem Officier de police judiciaire virbereet.

Am Interessi vum enger méi effizienter Vertriechsbekämpfung sollen duerfir d'Agents de police judiciaire elo och Zougang zu den Datebanke kréien. Well d'Kriminalitéitsbekämpfung an deene leschte Joren ëmmer nei Formen ugehall huet, ass eng ganz Rei vun Zivilpersonal bei der Polzei beschäftegt, wéi Ekonomisten, Ingenieuren, Informatiker an anerer méi. Dës Leit kënnen an Zukunft och Accès zu den eenzelnen Datebanke kréien. Si mussen awer dozou namentlech vum dem Minister, dee fir d'Polizei zoustänneg ass, autoriséiert ginn.

Schliesslech kréie mat dem Gesetzesprojet och de Generalinspekter vum der Police, d'Membere vum dem Cadre supérieur, d'Polizeiinspekteren an d'Zivilpersonal aus der iewescher Verwaltungscarrière vum der Polzeiinspektioun Zougang zu den Datebanke.

Här President, de Persounekrees vum der Justiz a Polzei zu den eenzelnen Datebanke gëtt erweidert. D'Mindesthéchstmooss vum op d'mannst zwee Joer Prisong, mat där en Tatbestand muss beluecht sinn, fir eng Consultatioun kënnen ze maachen, gëtt ofgeschaaft. An der Praxis ass doduerch bis elo den Zougrëff op d'Datebanke staark ageschränkt.

Mat Ausnahm vum enger Fahrerflucht war eng effikass Poursuite bei bal allen anere Verkeiersdelikten net méiglech. Datselwecht zielt bei Kläppereien, enger Bedrohung géint Privatbesëtzer, verschidde Formen vum Hehlerei, engem Abandon de famille an enger ganzer Rei vun aneren Infractiounen.

Ee praktescht Beispill ass dat vum engem Brigang, deen op enger Tankstell de Bënsin net bezillt, a wou de Pompist d'Autosnummer notéiert. Eng Consultatioun vum dem Fichier vum den Autosplacken ass mat dem aktuelle Gesetz vum 2008 de Moment weder duerch d'Police nach duerch de Parquet méiglech, well op der Grivèlerie d'essence - esou heescht dës Infractioun - eng maximal Prisongsstrof vu manner wéi zwee Joer steet. Fir d'Consultatioun vum dem Autosfichier kënnen ze maachen, hätt da missen extra den Untersuchungsriichter gefrot ginn.

D'Aschränkung fir den Zougang vum den Dateien duerch déi aktuell Mindesthéchststrof vum zwee Joer behënnert och déi international Justiz- a Polizeizusammenarbeit. Op Basis vum dem sougenannte Prümer Vertrag, deen no der Eifelstad benannt ass, ass eng grenziwwerschreidend automatesch Consultatioun vum den Autosnummern erlaabt.

Auslännesch Policen hunn esou a verschiddene Fäll eng Asiicht op de Fichiere vum de Lëtzebuurger Autosplacken, während an deemselwechte Fall dat fir Lëtzebuurger Polizisten net méiglech ass. Gradesou cocasse ass, dass eis Polizisten Asiicht op auslännesch Fichieren hunn, wou se op Basis vum dem aktuelle Gesetz an deeneselwechte Fäll Lëtzebuurger Placken net dierfte kucken. Fir enger auslännescher Demande op Rechtshëllef kënnen nozekom-

men, missten dann déi néideg Démarché gemaach ginn, fir dass de Fichier op Basis vum engem Mandat vum dem Untersuchungsriichter zougängelech wier.

Här President, am Interessi vum enger praxisorientierter Vertriechsbekämpfung gëtt, wéi virdru beschriwwen, de Persounekrees vum de Justizautoritéiten an der Polzei, déi Zougrëff op d'Datebanken hunn, vergréissert. D'Mindesthéchststrof fir déi Tatbestänn, wou d'Fichiere kënnen gekuckt ginn, fällt ewech. De Schutz vum der Privatsphär vum dem Bierger bleift awer garantéiert.

De Gesetzesprojet ënnerwerft dofir den Zougang op d'Datebanke verschiddene Konditiounen:

1., d'Consultatioun vum enger Datebank duerch eng Persoun, déi dozou ermächtegt ass, kann nëmme geschéien, wann dës hir perséinlech Identitéitsnummer ugëtt;

2., deen informatesche System vum der Datebank muss garantéieren, dass während enger Period vum dräi Joer nogekuckt ka ginn, wie wéini wéi eng Date gekuckt huet an zu wellechem Zweck;

3., d'Daten, déi gekuckt ginn, mussen en direkte Besuch mat dem Tatbestand hunn, fir deen d'Consultatioun gemaach gouf, a

4., et dierfen am Sënn vum der Verhältnisméissegkeet nëmme déi Donnéeën gekuckt ginn, déi absolut noutwendeg sinn.

Privat Consultatiounen dierf et keng ginn. Den Zougrëff op Donnéeën aus private Grënn ass opgrond vum dem Dateschutzgesetz mat enger Prisongsstrof vu fënnef Joer beluecht.

De Gesetzesprojet ännert um Niveau vum dem prakteschen Zougrëff op Datebanken dat bestehend Gesetz aus dem Joer 2008 deemno op zwou Plazen ëm.

Bis elo huet deejéinegen, deen eng Datebank consultéiert huet, misse seng perséinlech Identitéitsnummer ugin, grad wéi d'Nummer vum dem Dossier. An hei dréckt de Schong an der Praxis. Bei Gerichtsprozedure gëtt et wuel kee Problem, fir eng Nummer vum dem Dossier unzeginn, well déi Dossiersnummer effektiv besteet. Dëst ass awer net de Fall all Kiären dann, wann et drëm geet, ee rengen Tatbestand feststellen, zum Beispill eng Autosnummer nozesichen, wann ee falsch geparkt huet.

Hei gëtt dat bestehend Gesetz ëmgeännert, andeems deejéinegen, deen eng Datebank kuckt, nach ëmmer seng Identifikationsnummer muss ugin, awer net méi d'Nummer vum dem Dossier. Fir dem Dateschutz awer gerecht ze ginn - an dat ass nei -, muss den Datesystem während dräi Joer stockéieren, wie wat fir eng Donnéeën gekuckt huet, fir dass d'Ursach, also d'Motiv vum der Consultatioun kann noprëifbar bleiven. De Kontrollmechanismus geschitt also net méi virum der Consultatioun, mä duerno a ka während dräi Joer novollzu ginn.

De Gesetzesprojet gesäit an deemselwechte Sënn ausdrécklech vir, dass déi national Dateschutzkommissioun den Zougang vum der Police zu den Datebanke kontrolléiert. Si muss heiriwwer all Joers e spezielle Bericht un den zoustännegen Minister maachen, deen dann eng Kopie och un d'Chamber weiderleet.

Här President, de Statsrot huet a sengem Avis déi praktesch Noutwendegkeet vum enger Upassung vum dem Gesetz vum 22. Juli 2008 novollzunn. Hien hätt kee Problem mat der Erweiderung vum dem Persounekrees, deen Zougang op d'Datebanke kritt. De Statsrot huet an deem Kontext awer d'Noutwendegkeet a Fro gestallt, fir verschiddene Leit vum Zivilpersonal vum der Police an der Inspection générale de la Police dësen Accès ze ginn.

Mat dem Ewechfale vum der Mindesthéchststrof vum zwee Joer vum den Tatbestänn, fir déi d'Datebanke kënnen consultéiert ginn, hätt de Statsrot och kee Problem, well an der Contrepartie de Schutz vum der Privatsphär duerch e strikte Kontrollmechanismus vum dem Datenzugang garantéiert wier.

Här President, déi lëtzebuergesch Mënschrechtskommissioun grad wéi déi national Dateschutzkommissioun hunn och en Avis zu dësem Gesetzesprojet gemaach. Dësen Avis ass méi oder manner kritesch ausgefall. Béid Avisë begrëissen, dass dës delikat Matière duerch e Gesetz geregelt gëtt. Béid Avisen hu sech mat der Fro vum engem effikasse Contrôle vum de Consultatiounen auserneegesat. Si hunn drop insistéiert, dass am Aklang mam Artikel 8 vum der Mënschrechtskonventioun d'Date gekuckt kënnen ginn, wann dat opgrond vum der Vertriechsbekämpfung strikt noutwendeg ass.

matique direct aux fichiers de données à caractère personnel au personnel de l'administration judiciaire et au personnel administratif de la police;

- soucieuse de voir la confidentialité de ces informations garantie et d'éviter des abus;

- insistant sur le fait qu'un contrôle efficace de ces consultations doit être assuré, notamment au niveau du motif, de la traçabilité et de l'identification des personnes ayant procédé à la consultation;

- se félicitant que la durée de conservation des données de retraçage soit désormais limitée à trois ans;

- regrettant qu'actuellement les programmes informatiques des fichiers concernés ne permettent pas la saisie de l'identifiant numérique des faits, ni du motif de la consultation;

- rappelant la nécessité de trouver un juste équilibre entre la lutte contre la criminalité et le respect des droits de l'Homme;

- se référant à l'article 8 de la Convention de sauvegarde des Droits de l'Homme et des Libertés fondamentales,

invite le Gouvernement à

- veiller au maintien du juste équilibre entre sécurité et respect des libertés individuelles;

- instituer un contrôle efficace des consultations des fichiers à caractère personnel au niveau opérationnel et une formation du personnel de la police fondée sur la culture du respect des droits fondamentaux;

- mettre en place, dans un délai approprié, des solutions technologiques modernes destinées à éviter les risques d'abus et notamment un système informatique permettant de retracer le respect des conditions légales, c'est-à-dire du principe de proportionnalité et du lien direct des données consultées avec les faits ayant motivé la consultation;

- encourager le respect des bonnes pratiques au sein de la Police et sanctionner les abus éventuels.

(s.) Colette Flesch, Alex Bodry, Félix Braz, Jacques-Yves Henckes, Paul-Henri Meyers.

Ënnert deene Virzeechen, Här President, bréngen ech den Accord vun onser Fraktioun zu dësem Projet de loi. Ech hoffen, dass déi Motioun, déi jo vun alle Fraktiounen a vun der Sensibilité ADR gedroen ass, deen néidegen Appui och an dëser Chamber fënnst.

Ech soen Iech Merci.

»»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»»» **M. le Président**.- Ech soen der Madame Flesch Merci. Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

»»» **M. Alex Bodry (LSAP)**.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dem ausféierleche Rapport vun Här Roth, souwuel schrëftlech wéi och mëndlech, an no den Ausféierunge vun der Madame Flesch, mengen ech, kann ee sech a muss ee sech als drëtte Riedner hei kuerz halen, wat deen heite Projet ugeet.

E Projet allerdéngs, wollt ech soen, vun enger gewësser Importenz, well en eng wichteg a kriddlech Fro gläichzäiteg probéiert op eng nei Manéier ze traitéieren, an zwar den Zougang vun eenzelne Membere vu Polizei- oder Justizverwaltungen zu den öffentlechen Datebanken. Et handelt sech eigentlech ëm eng Aschränkung vum Prinzip vum Schutz vun der Privatsphär a vum Schutz vu private perséinlechen Donnéeën.

Dat ass nach wie vor de Prinzip. Ech mengen, et ass wichteg, dat hei an Erënnung ze rufen. Mir sinn also hei an engem Domän, wou de Gesetzgeber Ausnahmen zouléisst a wou de Gesetzgeber dann och muss de richtige legalen a prozedurale Kader setzen, ënnert deenen eng Ausnahmebestëmmung zu deem allgemenge Schutzprinzip ka funktionnéieren.

Déi éischte Kéier ass eis dat nëmme bedéngt gelongen. Et war net de grouesse Worf, well eng Rei vu praktesche Schwierigkeete bei der Ëmsetzung net beduecht

Conseil d'État, wéi d'Commission consultative des droits de l'Homme, wéi d'Commission nationale de protection des données, si mir als DP besuergt gewiescht iwwert d'Extensioun vum Perimeter vun de Leit, déi Accès kréien un d'Datebanke mat perséinlechen Donnéeën, a besonnesch iwwert d'Extensioun, déi iwwert d'Magistraten, d'OPJen an d'APJen erausgeet un administratiivt Personal vun der Justice an Zivilpersonal vun der Polizei.

Mir si besuergt, net well mer deene Leit net trauen, mä mir si besuergt doriwwer, well onst Gesetz iwwert den Dateschutz vu perséinlechen Donnéeën net méi zäitgeméis ass. Dat huet de Kommunikationsminister an Äntwerten op parlamentaresch Froen, déi ech him gestallt hunn, perséinlech unerkannt a gesot, et géif dru geschafft ginn, fir dat Gesetz op méi e moderne Stand ze bréngen. Mä mir sinn och besuergt, well d'administrativ Praxis iwwert de Respekt vu perséinlechen Donnéeën an onsem Lëtzebuerger Land an deem Beräich ons net rigouréis genuch erschéngt.

An ech ginn Iech e Beispill, Här President: Bei engem Appel de cotisation vun engem Sportclub, deen ech viru kuerzem kritt hunn, krut ech eng Memberskaart matgeliwwert, an op där Memberskaart stoung mäi Matricule vun der Sécurité sociale a mäi Matricule fiscale, dee jo deeselwechten ass. Dat war bestëmmt net schlecht gemengt, mä et ass awer Besuergnis erregend, dass esou Saache kënnen hei geschéien, a weist drop hin, dass eng laxistesche Praxis besteet an der Utilisation vun de perséinlechen Donnéeën.

An, wéi gesot, de Kommunikationsminister Jean-Louis Schiltz huet dat selwer unerkannt an huet gesot, et géif en Aarbechtsgrupp un enger Reform vun deem Gesetz schaffen. De Justizminister ka mer net soen, wou mer do dru sinn, mä ech géif awer de Wonsch äusseren, dass mer do kënnen virumachen an dass mer, souwuel um legislative Plang wéi och um technologesche Plang, déi Fortschrëter maachen, déi an anere Länner scho geschitt sinn an déi et erlaben, e méi seriöse Respekt virun de perséinlechen Donnéeë vun de Bierger ze asuréieren.

Här President, trotz där Suerg wäerte mir als DP-Fraktioun deen Text stëmmen, well mer der Meenung sinn, dass d'Police muss kënnen hir Aarbecht verriichten, a well de Verrieder vum Ministère ons an der Commission gesot huet, mir kéimen am Fong op de Statu quo ante zrëck vu virum 22. Juli 2008. Mir géifen also net iwwert den Accès u Fichieren erausgoen, deen d'Police ënnert deene viregte legale Bestëmmungen hat.

Mir sinn awer der Meenung, Här President, dass d'Regierung muss derfir suergen, dass deen néidegen Équiliber tëschent öffentlecher Sécherheet engersäits an individuelle Fräiheeten anerersäits respektéiert gëtt, dass eng effikass Kontroll vun der Consultatioun vun de perséinleche Fichiere muss séchergestallt ginn, dass innovativ technologesch Solutiounen mussen ageféiert ginn, fir eng juristesche einwandfrei Gestiou vun de Consultationsméiglechkeeten ze garantéieren, an och dass e Code de bonne pratique an der Polizei duerchzeféieren ass, a selbstverständlech dass, wa sollen Abuse festgestallt ginn, déi dann effektiv sanktionéiert ginn.

Dofir, Här President, bréngen ech eng Motioun an, déi ënnerschrifwen ass vun alle Fraktiounen, déi an dësem Parlament vertruede sinn.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant la loi du 22 juillet 2008 relative à l'accès des magistrats et officiers de police judiciaire à certains traitements de données à caractère personnel mis en œuvre par des personnes morales et portant modification du Code d'instruction criminelle, de la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police, et de la loi modifiée du 27 juillet 1997 portant réorganisation de l'administration pénitentiaire;

- considérant les difficultés d'application apparues, notamment dans le contexte des infractions à la législation relative à la circulation routière;

- constatant que ces difficultés résultent en particulier de la fixation d'un seuil de gravité correspondant à une peine correctionnelle de deux ans d'emprisonnement;

- considérant qu'il s'avère difficile de conférer une qualification précise à des faits au stade précoce d'une enquête et approuvant par conséquent que la référence à un seuil de peine soit abandonnée;

- constatant que le projet de loi sous rubrique prévoit l'extension de l'accès infor-

(Interruption)

Woufir soen ech dat?

Ech ginn zrëck op den Originalprojet 5563, deen zum Gesetz vum 22. Juli 2008 goug. Den Original, deen éischte Worf vun deem Projet, dee mer kruten, wor, wéi oft bei de Projeten, déi aus dem Ministère de la Justice kommen, e bëssen - fir net ze soen, e bësse vill - liberticide.

Dat ass en Avis, dee mer an der Commission juridique alleguerte gedeelt hunn. A mir hunn an der Commission juridique versicht, e besseren Équiliber erauszueschieren tëschent Kampf géint d'Kriminalitéit engersäits a Respekt vun de Mënscherechter anerersäits. Deen Exercice an der Commission juridique huet net stattfonnt am loftleere Raum, mä en présence ëmmer vu Verrieder vun dem Ministère de la Justice. E Verrieder, deen - wat ech ganz sécher weess - sengem Minister Rapport gemaach huet iwwert d'Aarbechten, déi do gelaf sinn.

En passant wëllt ech drun erënneren, dass déi gréng Fraktioun a mir vun Ufank un an deenen Diskussiounen dovir gewarnt hunn, eng Solutioun unzehuelen, déi e Seuil de peine géif virgesinn, well mer virausgesinn hunn, dass dat géif zu Schwierigkeete féieren. Mä dat sollt ower net sinn. De Seuil de peine ass an dat Gesetz vum Juli 2008 agesat ginn a wor dann dunn och Ursaach vu gewëssenen Difficultéiten.

Den Text, dee gestëmmt ginn ass an deen zum Gesetz vum 22. Juli gouf, ass hei an der Chamber den 9. Juli gestëmmt ginn. An et ass vläicht derwäert ze kucken, wat de Minister deemools zu deem Text gesot huet. Ech zitéieren:

„Fir d'éischt selbstverständlech e grouesse Merci un de President vun der Commission juridique, de Patrick Santer, zu dësem Projet (...), deen déi Zilsetzung, déi d'Regierung an dësem Projet hat, ëmmer voll a ganz ënnerstëtzt huet an déi hien och an d'Aarbecht vun der Commission juridique abruecht huet, wat eng wesentlech Hëllef war, fir datt déi Regierungstexter och géifen zum Vote hei kommen.

Dat Zweet,...“ - et ass nach ëmmer de Minister, dee schwätzt - „...dat ass, datt fir mech ëmmer Fräiheet, Sécherheet a Rechtsstat zesumme ginn. (...)

Wann den Text fundamental geännert hätt, dann hätt d'Regierung gesot: Mir wëllen deen Text do net, mir zéien en zrëck, stëmmt en net. Ech fannen, deen Text hei dréit der Finalitéit Rechnung, déi d'Regierung hat. (...)

(...) dësen Text iwwert den Accès vun den Officiers de police judiciaire a vun de Riichter zu verschiddenen Datebanke geet mat enger ganz breeder Zoustëmmung duerch dëst Parlament.

Dat ass eng grouss Satisfaktioun fir mech (...).“ Enn vum Zitat.

Här President, kuerz duerno huet et sech ower erweisen, dass deen Text vum 22. Juli 2008 zu Uwendungsschwierigkeete gefouert huet; de Rapporteur ass drop agang. D'Poliziste woren an hire Possibilités d'intervention esou limitéiert, dass se net konnten hir Aarbecht esou maachen, wéi et huet misse sinn. Ech mengen, dat huet jiddwereen erkannt.

Mä wann dann am September beim Patronatsfest vun der Polizei de Justizminister gemengt huet missen ze soen, déi Schwierigkeete kéime weinst deenen Ännerungen, déi d'Chamber ageféiert hat, dann ass dat, erlaabt mer d'Wuert, derniewent. Dann ass dat schlechte Stil.

»»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»»» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Ech wëll an deem Zesummenhang och un d'Question parlementaire N°2866 vu mengem Kolleeg Xavier Bettel erënneren, dee prezis déi Problematik ugesprach huet, an déi gestallt ginn ass de 24. September 2008. Déi Fro ass nach ëmmer net beäntwert, obschonn d'Délaie wäit, wäit iwwerschrott sinn, an obschonn de Greffe mer gesot huet, et wier verschidentlech bei der Regierung intervenéiert ginn, fir dass eng Äntwert soll op déi Fro bruecht ginn.

Ech gesi vläicht doranner en Zeeche vun dem schlechte Gewësse vum Minister am Zesummenhang mat deenen Evenementer. Ech wëll awer dem Minister soen, dass mäi Kolleeg Xavier Bettel drop insistéiert, dass en eng Äntwert kritt op déi schrëftlech Fro, déi en de 24. September 2008 gestallt huet. Et ass spéit, mä et ass vläicht nach net ze spéit.

Här President, vu d'Schwierigkeete bei der Uwendung vum Gesetz vum Juli 2008 ware Chamber a Regierung sech eens, dass et misst schnell zu enger Nobesserung kommen. Déi diskutéiere mer haut. Wéi de

Fir dem Prinzip vun der Verhältnisméissegkeet an dësem Domän nozekommen, plädéiert souwuel d'Mënscherechtskommission wéi d'Dateschutzkommission fir eng regelrecht Kultur vun dem Respekt vun der Privatsphär an dem Dateschutz. Dës Recommendation gouf och vun de Membere vun der Commission juridique gedeelt.

Dëst soll am Konkreten iwwer eng Schulung an eng permanent Weiterbildung an der Polizei geschéien. Och misst op dem operativen Niveau vun der Hierarchie aus gepréift ginn, dass déi gesetzlech Bestëmmungen, déi den Zougang zu den Datebanke regelen, strikt agehale ginn.

D'Mënscherechtskommission recommandéiert an deem Sënn, dass déi gängeg Praxis wéi d'Féiere vun engem sougenannte Journal des incidents, wou bei der Police all Consultatioun muss ageschriww e ginn, an dem Gesetz opgefouert gëtt.

Béid Kommissionen hätte kee Problem domat, dass de Kritär vun der Mindesthéchststrof, fir Donnéeën ze kucken, fale gelooss ginn ass. Déi zwou Kommissionen hu sech awer dergéint ausgesprach, dass d'Zivilpersonal vun der Police en Zougang zu den Datebanken hätt.

Här President, ee leschte Punkt am Gesetzesprojet ass deen, dass eng legal Basis geschaf gëtt, fir Fangerofdréck a Fotoen am Kader vun enger sougenannter Enquête préliminaire oder der Instruction préparatoire unzeuerdnen, an dass dës och spéider kënnen vun der Police fir d'Preventioun, d'Recherche an d'Feststelle vu Strofdote genotzt ginn. Fangerofdréck a Fotoe kënnen dobäi ni ënner Zwang geholl ginn. Fangerofdréck a Fotoe kënnen nëmmen op Unuerdung vun dem Procureur oder engem Untersuchungsrichter gemaach ginn. Dat zielt och bei engem „flagrant délit“.

Här President, et ass also elo den zweeten Ulaf, fir an engem ganz sensibelen Domän vum Schutz vun der Privatsphär dee richtige Équiliber ze fannen tëschent engersäits engem begrenzt néidegen Zougrëff vu Police- a Justizautoritéiten op d'Datebanken am Sënn vun enger effikasser Verbiechensbekämpfung, an anerersäits dem Schutz vun de Grondfräiheeten an de Grondrechter vun dem Bierger.

Ech verweise fir de Rescht op mäi schrëftleche Rapport, deen an der Commission juridique eestëmmeg ugehall gouf an dee recommandéiert dëse Projet ze stëmmen. Ech wëll ofschléissend de Membere vun der Commission juridique, de Verrieder vun dem Justizministère, de Magistraten an de Verrieder vun der Police Merci soe fir hir konstruktiv Mataarbecht bei der Ausaarbechtung vun dësem definitive Gesetzesprojet.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung zu dësem net ganz einfache Gesetzesprojet vun der CSV-Fraktioun a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

»»» **Plusieurs voix**.- Très bien!

»»» **M. le Président**.- Ech soen dem Här Rapporteur Merci fir säi mëndleche Rapport. Als éischt Riednerin ass d'Madame Colette Flesch agedroen. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

»»» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Merci, Här President. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'Alleréischst dem Rapporteur, dem Gilles Roth, villmools Merci soen an him félicitéiere fir säin exzellente Rapport, desto méi, dass hien hei am Fong en Zuch huet missen huelen, dee schonn a Bewegung wor. Wéi hien et selwer gesot huet, ass dëse Projet d'Suite vun engem éischte Projet, dee mer am Juli 2008 gestëmmt haten a bei deem de Patrick Santer Rapporteur wor.

Selbstverständlech woren déi zwou Saache ganz enk matenee verbonnen. Hien huet et fäerdeg bruecht, an enger ganz komplizierter Matière en detailléierten, fouilléierte Rapport ze maachen, deen deem Rechnung dréit, wat an der juristescher Commission diskutéiert ginn ass, deen och deem Rechnung dréit, wat an den Avisë vum Conseil d'État a vun anere consultéierte Gremië festgehalen ginn ass. Et ass en exzellente Rapport, an ech soen him villmools Merci derfir.

Här President, ech ka leider dem Justizminister net déiselwecht Komplimenter maachen.

»»» **Plusieurs voix**.- Oohhhh!

»»» **Mme Colette Flesch (DP)**.- Ech kennen de Justizminister. Normalerweis ass et e responsabelen a ganz korrekt Politiker, mä e schéngt mer bei dëser Affär d'Nerve verluer ze hunn.

gi waren an eisen Aarbechten. Duerfir hoffen ech, dass dat Spréchwuert „Jamais deux sans trois“ hei net wäert spillen, an dass deen zweete Versuch, dee mer hei maachen, dann och dee richtegen ass.

An dësem Fall hu sech jo och all interesséiert Parteien zu Wuert gemellt, ob dat d'Polizeigewerkschaft ass, déi mer och bei eis an der Kommissioun empfaangen hunn, mat ganz nätzleche Renseignementer, déi se eis konnte ginn, vun der Praxis aus gekuckt, ob dat d'Direktioun vun der Police ass, ob dat de Parquet war, ob dat och de Conseil d'État ass, dee sech nach eng kéier och intensiv mat där heiter Fro beschäftegt huet - wéi och beim éischte Projet schonn e ganz fouilléierten Avis vum Statsrot do war -, an et ass eigentlech dee Wee, deen de Statsrot gezeechent hat a sengem Avis, deen d'Kommissioun zu engem groussen Deel matgaangen ass an deen elo zu praktesche Schwieriegkeete gefouert huet, wat den noutwendegen Zougrëff vun eenzelnen Donnéeën ob Datebanken ugeet.

Hei gëtt also definitiv geregelt, wien Zougang huet zu deenen öffentliche Datebanken, zu wat fir engen Datebanken dat de Fall ass, ënner wat fir engen Hypotheesen deen Zougang do méiglech ass an och ënner wat fir enge prozedurale Konditiounen dat Ganzt kann oflafen.

Wéi schonn d'Virriedner drop higewisen hunn, ass dat Ganzt hei eng Fro vun Ofweien, vu Gewichte vun, an eisen Aen, gläichwäertege Prinzipien, gläichwäertege Rechter a Fräiheeten. Op där enger Säit d'Recht op Sécherheet, wat fir eis e primordialt Mënscherecht ass, an op där anerer Säit d'Recht op de Schutz vu sengem Privatliwien, d'Recht op de Schutz och vu senger perséinlechen Donnéeën.

Et ass evident, dass d'Polizei, d'Justiz, och eenzel Verwaltungsdeeler mussen, fir hir Aarbecht kënnen uerdentlech duerchzeféieren, kënnen ënner gewësse Bedéngungen en Zougrëff op öffentlech Datebanken hunn. Et muss gewährleescht ginn, dass se zumindest mat gläiche Waffe kënnen par rapport zu de Kriminelle virgoen. Et kann net esou sinn, dass fir déi Kriminell näischt gëllt, alles méiglech ass, op där anerer Säit awer d'Polizei an d'Justiz iwwer laang Prozeduren eigentlech net schnell genuch kënnen reagéieren.

Mir mussen also do erëm déi zwou Saachen zesummeféieren a garantéieren, dass u sech d'öffentlech Muecht zumindest iwwert déiselwecht - et wier jo besser, wa se nach méi Moyenen hätten - Mëttel verfögt wéi anerersäits déi Leit, déi dat zur Verfügung hunn, déi géint eis Strofgesetzer verstoussen.

E Problem, dee sech ëmmer stellt, sech gestallt huet a warscheinlech och mat deem neien Text sech wäert stellen, ass dee vu méigleche Mëssbräich. Dat ass ni zu 100% auszuschléissen. Awer och de Problem vun enger gewësser Disproportionalitéit, déi bestoe kann tëschent dem Moyén, dee mer hei asetzen, dat heescht den Zougrëff op perséinlech Daten, an dem Zil, wat eigentlech verfolge gëtt mat deem Instrument. Et muss also gekuckt ginn, dass dat a geuerdnete Bunne leeft, dass de Prinzip vun der Verhältnismëissegkeet respektéiert gëtt.

Mir sinn der Meinung, dass, wann een deen Text do kuckt, dat grosso modo gelongen ass, an dass mer mat deem heiten Text eigentlech eng akzeptabel Gewichtung maache vun deenen zwee Grondprinzipien, déi ech virdrun opgezielt hunn: d'Recht op d'Sécherheet an d'Recht op de Schutz vu perséinlechen Donnéeën.

Et ass kloer, dass heimadder d'Polizeiorganer, d'Justizorganer kee Blankoscheck ausgestallt kréien, kee Fräifahrtschäin ausgestallt kréien, fir egal wat ze maachen, mä et muss ëmmer en direkte Lien bestoen tëschent hirer polizeilecher Aarbecht an dem Zougrëff op déi Datebank. Et kann net esou sinn, och wann dat emol heiansdo virkënt - mä dat kënnt och an aner Statsverwaltungen vir -, et muss verhënnert ginn, dass et zu esou Situatiounen kënnt, dass emol a privaten Ugeleeënheeten esou ee Réckgrëff op esou Datebanke gemaach gëtt.

Ech kann aus menger elo scho méi aler Erfahrung als fréiere Minister vun der Force publique berichten, dass esou Fäll effektiv virkomm sinn, a wa se Kenntnis dovun hatten, da sinn natierlech och intern am Corps

déi néideg disziplinaresch Moosssname geholl ginn, fir esou e Feelverhalten ze strofen an domadder och derfir ze suergen, dass an Zukunft esou Feeltrëtter net méi virkommen.

Wat wichteg ass, an do ginn ech der Madame Flesch vollkomme Recht, dat ass, dass mer iwwert deen heiten Domän vun der Polizei a vun de Justizorganer eraus - well et si ganz vill Deeler vun der Verwaltung, och vun der dezentraler Verwaltung, déi en Accès op eenzel Datebanken hunn, dee vill manner strikt reglementaresch agëenkt ass wéi dat hei de Fall ass - hei zu Lëtzebuerg lues a lues an eng Kultur vum Dateschutz erakomme mussen.

Dat ass leider op grouse Strecken hei am Land net de Fall. Mir hunn net déi Kultur wéi an eenzelnen anere Länner, a skandinavesch Länner zum Beispill, wou eng ganz aner Approche zu där doten Thematik besteet, wéi dat hei zu Lëtzebuerg de Fall ass. Mir mussen eng Kultur vum Dateschutz entwëckelen, an dat geet, wéi gesot, wäit iwwert deen enke Beräich hei vun der Polizei respektiv dem Parquet eraus.

Wat geschitt zum Beispill all Joer beim Recensement fiscal? Ënner wat fir enge Bedéngunge vu Confidentialitéit gi praktesch eigentlech déi Recensementer duerchgefouert? Do kann ee sech ganz vill Froe stellen.

Ech mengen och, dass et wichteg ass, dass eng nächst Regierung sech géif méi intensiv mat där Problematik beschäftegen, fir effektiv transversal ze kucken, wou d'Schwaachstellen an eisem System dra sinn, wat den Dateschutz ugeet an der praktescher Ausféierung vun deem Ganzen, a probéieren also do och méi kloer ze reglementéieren, méi kloer d'Grenzen an de Kader ze setzen, fir dass en fait d'Privatsphäre geschützt bleift, do, wou et wierklech néideg ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wat eigentlech mat deem heiten neien Text geschitt ass, dat ass e Retour op d'Situatioun ex ante. Et ass e Retour op d'Situatioun wéi mer se eigentlech virum Gesetz vun 2008 grosso modo kannt hunn. Ech ka mech net erënneren, dass während Joren do lamentéiert gi wier, dass mer ze wäit gaange wieren, wat den Zougrëff op Datebanken ugeet. Dat ass awer e System, deen, mengen ech, vläicht net zu 100%, mä awer zu engem héije Prozentsaz zur Zufriedenheet vun alle Concernéierte fonctionéiert huet. An hei gëtt eigentlech e Schratt gemaach, fir erëm eng kéier op déi ursprénglech Situatioun zrëckzekommen.

Et soll een hei d'Polizei net verdäiwelen. Si sinn net besser, mä sinn awer och net méi vulnerabel oder méi Tentatiounen ausgesat wéi anerer. An duerfir mengen ech, dass et richteg ass, dass mer deen heite Schratt maachen, dass mer eng Korrektioun maache vun deem, wat d'Chamber hei décidéiert huet.

D'Chamber huet dat décidéiert - dat wëll ech awer och hei ënnersträichen, wat d'Madame Flesch och am Numm vun hirer Fraktioun gesot huet -, awer ëmmer am Kader vun den Aarbechten an der Kommissioun, ëmmer andeems u sech och Regierungsvertreider bei deenen Aarbechte mat derbäi waren, a grosso modo och opgrond vun där Spur, där Richtung, déi vum Conseil d'État a sengen Avisen ausgewise ginn ass. Esou dass ech mengen, dass mer hei kee graffe Feeler gemaach hunn.

Nach muss een agestoen, dass mer e bëssen iwwert d'Zilerausgeschoss hu mat deene Regeln, déi mer eis ginn hunn. Mir sinn haut, mengen ech, bal eestëmmeg, vläicht souguer eestëmmeg, fir eng Correction de tir hei duerchzeféieren, déi selbstverständlech och vu menger Fraktioun matgedroe gëtt.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Bodry. Den honorabelen Här Braz huet d'Wuert.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Ech wëll och fir déi gréng Fraktioun fir d'Alleréischd dem Här Roth Merci soe fir säi Rapport, dee mëndleche wéi och dee schrëftlechen, an och Merci soen dofir, dass mer et fäerdeg bruecht hunn, dëst Gesetz nach virum Enn vun der Legislatur ze votéieren, well et wier effektiv net gutt gewiescht, wann déi Situatioun, déi geschaf ginn ass, ze laang perduréiert hätt.

Meng Virriedner hu scho ganz viles gesot, nottamment d'Madame Flesch, duerfir kann ech mech méi kuerz halen an nach eng kéier déi gréng Positioun rappeléieren, déi mer och beim Vote vun deem Gesetz hei schonn duergeluecht hunn, wat mer haut elo op eenzelne Punkte wëllen amendéieren.

Dat Gesetz, nodeems et en vigueur war, huet jo an der Öffentlechkeet fir eng Rei Diskussiounen a Commentaire gesuergt. Den allgemengen Tenor war jo, dass do eng Pann passéiert war. Et ass e bësse lächerlech gemaach ginn. Dozou huet och dem Minister seng Ausso bäigedroen, wou en d'Verantwortung komplett wollt vu sech weisen.

Dat ass eigentlech schued, well d'Gesetz, wat mer gemaach hunn, an och, wéi den Här Bodry et genannt huet, de Fait, dass mer e bëssen iwwert d'Zilerausgeschoss hunn, war net d'Resultat vu wéinegen Iwwerleeungen. Et war éischter de Contraire. Et war de Contraire, well mir hunn am Fong probéiert an der Kommissioun eppes ze maachen, wat mer an deene leschte fënnf Joer ganz oft hu misse maachen, nämlech bei Texter vun der Regierung ze probéieren en aneren, e besseren Équilibre ze fannen tëschent dem Besoin un Effikasitéit vum Sécherheetsapparat, au sens large du terme, an dem gutt ofgewieenen, ponderéierte Respekt vun de Mënscherechter.

Mir hunn op enger Rei vu Gesetzestexter, vu Projets de loi an de leschte fënnf Joer parlamentaresch Amendementer gemaach, fir en aneren Équilibre wéi deen, deen d'Regierung proposéiert huet, ze erreechen. Mir hunn dat an aller Regel esou wäit och erreecht, dass et och trotzdeem fir d'Regierung nach an der Rei war a mir als Parlament gemengt hunn, mir hätten domadder korrekt Gesetzer gemaach.

Dat war och zum Deel bei komplizéierte Matière: déi Datebanken, déi mer geschaf hunn am Beräich vun de Genanalysen zum Beispill. Eng komplizéiert Matière, wou mer wierklech am Parlament eng Aarbecht gemaach hunn, déi zu engem, wéi mir fannen, einwandfreie Gesetz gefouert huet, wouriwwer mer frou waren.

Déi Pann, wéi se an der Öffentlechkeet duergestallt ginn ass, war also sécher am Resultat mat engem Feeler behaft, mä et war awer net, well d'Chamber sech dat Gesetz do net seriö genuch ugekuckt hat. Et war, wéi gesot, de Contraire.

D'Chamber huet wierklech probéiert, duerch eng Rei vun Ännerungen an deem Text e Gesetz erauszekréien, wat engersäits der Police et géif erlaben, hir Aarbecht ze maachen. Dat hu mer jo net ganz erreecht. Do hu mer zum Deel iwwert d'Zilerausgeschoss. Wat awer anerersäits dozou géif bäidroen, eng ganz Rei vu Rechter besser ze respektéieren an den Ae vun der Chamber. An duerfir war ech och net ganz glécklech iwwert déi Aart a Weis, wéi dat an der Öffentlechkeet diskutéiert ginn ass. Et war net just eng Pann. Et war net Inkompetenz oder onseriö gemaachten Aarbecht. D'Suerg war eng ganz wichteg, nämlech déi vum Respekt vun de Mënscherechter.

Ass d'Police de Feind vun de Mënscherechter? Neen! D'Police verfolge duerch hir Aarbecht selwer jo och d'Protektioun vu Mënscherechter. De Schutz vum eegene Liwien, vum eegene Besët, och dat si Grondrechter, déi d'Bierger hunn. An d'Police ass jo am Prinzip duerch hir Aarbecht do, fir Biergerinnen a Bierger zu eenzelne vun hire Grondrechter ze verhëllefen.

Den Équilibre, dee muss fonnt ginn, ass awer deen, dass d'Police beim Verfolge vum Respekt vun engem Grondrecht net en anert Grondrecht géif riskéieren ze heurtéieren. Dat ass deen Équilibre, dee mer probéiert hunn. Deen Équilibre ass an de leschte Joren net ëmmer einfach gewiescht, well mer eng Rei vu Gesetzer hunn zënter 2001, déi ënnert dem Impuls an dem Drock an dem Androck vun deem, wat zu New York den 11. September geschitt war, hiren Nidderschlag fonnt hunn, hannert dem Stéchwuert vum Terrorismus oder vun der grousser Kriminalitéit.

Mir hunn awer oft festgestallt, dass hannert dem Argument vun der grousser Kriminalitéit oder vum Terrorismus, wat also éischter exzeptionell Saache sinn, Artikelen an eise Code pénal sollten Anzuch fannen, déi dann awer de portée générale gewiescht wieren, mat hiren exzeptionelle Moyenen, déi se géifen der Polizei zur Verfügung stellen.

Mir hunn an der Kommissioun am Fong ëmmer probéiert ze soen, da komm mir beschreiwen d'Situatioun esou, komm mir maachen déi Texter och esou, dass déi exzeptionell Ausléiser och zu nëmmen exzeptionelle Léisunge kënnen féieren an net zu neie generelle Léisungen. Dat war eigentlech an engem Saz beschriwwen, wat d'Kommissioun oft probéiert huet, aus där Ausnahm net eng nei Regel vun der Polizeiarbecht ze maachen, mä dass ee soll bei aussergewöhnleche Situatiounen och aussergewöhnlech Léisungen nëmme kënnen bréngen.

Dat hei war eent vun deene Gesetzer, wou mer dat probéiert hunn, wéi gesot op eng Aart a Weis, dass eis et op engem Punkt net ganz geroden ass. Dee Punkt war an der Haaptsaach dee vum Seuil de peine, an d'Madame Flesch huet scho rappeléiert, et war net déi liberal Fraktioun, et war och net déi gréng Fraktioun, déi sech dofir ausgeschwat huet.

Mir hunn, wéi an anere Gesetzer och, éischter derfir plädéiert, déi Strofdote mam Numm ze nennen, ëm déi et geet. Do kum ëmmer dann den Awand: Jo, mä wa mer dat maachen, datt gëtt a) eng laang Lëscht a b) mir kënnen de Risiko lafen, déi eng oder aner Strofdot ze verléieren.

Dat ass sécher richteg. Mä wa mer et net iergendwann eng kéier awer fir d'éischte kéier maachen, ass dat doten Argument déi nächst 150 Joer nach richteg. Sou dass mer eiser Meinung no awer eng kéier missten dee Schratt do maachen an tatsächlech op eng Lëscht vun de Strofdoten iwwergoen, op d'Gefor hin, dass eng vergiess géif ginn.

Dat kann een nach ëmmer ratrapéieren; la preuve: Genau dat maache mer haut, dass mer e Gesetz probéieren ze ratrapéieren, wou mer gemierkt hunn, dass e klunge Feeler dra war.

Duerfir, mir hätte léiwer, mir géifen déi Strofdote kënnen erwähnen, op déi déi méi exzeptionell Mesurë kënnen zoutreffen, an dann hätte mer manner Schwieriegkeete gehat.

Dat war net d'Meenung vun der Majoritéit, déi léiwer dee Seuil de peine agesat huet, deen haut zu Problemer féiert, allerdéngs mat der expliziter Ënnerstëtzung an am Accord vum Minister, dee jo, wéi gesot, dunn awer net méi vill wollt mat deem Problem ze di gehat hunn, wat - ech fannen - bedauerlech war.

Dat steet eis eigentlech och net gutt zu Gesiicht, wéi Der dat deemools gemaach hutt. Et wär besser gewiescht, mir hätten alleguerte gesot, dat do Gesetz hu mer zesumme gemaach, et ass eis all zesummen eppes schifgaang, elo behiewe mer dat, esou séier wéi mer kënnen, och nees alleguerten zesummen. Dat hätt mir perséinlech besser gefall, grad op där Plaz, wou Der deemools déi Deklaratioun gemaach hutt. Mä gutt, dat ass elo geschitt, an d'Parlament probéiert dann awer, dee Problem aus der Welt ze schafen.

DÉI GRÉNG hatten am Fong dräi Saachen, déi eis wichteg waren an deem Gesetz, wou jo d'Agente vun der Police Zougrëff kréien zu méi Datebanken. Aner Leit am Stat hunn och Zougrëff zu deenen eenzelnen Datebanken, allerdéngs net an där gebündelter Form wéi d'Police. Duerfir huet dat schonn eng aner Qualitéit, wéi nëmmen de Verweis op aner Verwaltungen ze maachen.

Eis ass et dréms gaangen, d'Fro vum Perimeter méi kloer kënnen ofzestiechen. Dat hu mer. Eis ass et dréms gaangen, dass ee permanent eng Traçabilitéit ka maachen, well mir hu jo an eisem Dateschutzgesetz de Prinzip vum Contrôle a posteriori. Mir si jo net an enger Logik zu Lëtzebuerg am Dateschutzgesetz, dass ee misst virdrun ëm Erlaabnis froen, ier een eppes däréif maachen. Mir hunn déi ëmgedréinte Logik. Jiddwereen huet d'Recht, déi technesch Méiglechkeeten, déi en huet, ze notzen. Mä wann e beim Gebrauch dovunner e Feeler mécht, muss en och herno kënnen dofir riichtstoen.

Et ass eng aner Logik. Dat huet effektiv mat Kultur ze dinne am Beräich vum Dateschutz. D'Gesetzer eleng kënnen dat net garantéieren. D'Technik ass esou rapid, esou vaste, esou enorm, dass eng Kontrollinstanz guer keng Chance hätt, fir virum Won ze probéieren ze lafen.

Duerfir muss et noutgedrongen eng Saach gi vu Kultur, wéi mer zu Lëtzebuerg alleguerten, eenzel, am Betrib, op der Aarbecht, doheem an och an de Veräiner mat deene Saachen ëmginn. A wann ee sech da schlecht comportéiert, ma da muss een do zur Verantwortung kënnen gezu ginn, à condition, dass et da retraçabel ass.

Duerfir war ee vun de Punkten, déi eis wichteg waren an där Logik vum Lëtzeburger Dateschutzgesetz, dass ee permanent kann novollzéien, wien, wéini, fir wéi een Dossier Zougang zu wéi enger Datebank hat, dass ee kéint, le cas échéant, nodréiglech engem virweisen: Du bass do a Saache kucke gaangen, ob deenen s de eigentlech guer net geschafft hues. Dat häss du net dierfen. Dat muss du elo wann ech gelift erklären, a wann s de keng gutt Erklärung hues, muss de och dofir sanktionéiert ginn.

Dat ass normal, wann dann déi Traçabilitéit méiglech ass.

An deen drëtten wichtegen Punkt fir déi gréng Fraktioun war d'Proportionalitéit, dass ee

**Mercredi,
29 avril 2009**

wierklech, wann een engem vill Muecht gëtt, vill Méiglechkeete gëtt, da gehéiert awer dozou onbedéngt d'Engagement an d'Garantie, dass ëmmer nëmmen esou vill dovunner agesat gëtt, wéi een och tatsächlech brauch. Et ass e Prinzip aus der Mënschenrechtskonvention, dee vun der Proportionalitéit.

Duerfir, wann den Här Bodry seet, mir wärenden elo grosso modo zrëckkomm op d'Situatioun ex ante, vu virun deem Gesetz, dat ass net ganz richteg. Dat mag beim Perimeter wouer sinn. Dat mag beim Seuil de peine wouer sinn. Et ass awer sécher net wouer bei de Punkte vun der Traçabilitéit a vun der Proportionalitéit, well do ass en Amendement, deen déi gréng Fraktioun selwer redigéiert huet an der Kommissioun, ugehall ginn.

Deen Amendement, deen Text ass och haut nach ëmmer am Gesetz. Dat war also net deen, dee Schwieregkeete geschafen huet. Deen Text huet iwwerlief no eiser Modifikatioun vum Text, an deen Text bréngt eben déi Stéchwierder do, de Mechanismus wéi ee muss kënne retracéieren, wie wéini wat gemaach huet, an déi Notioun vun der Proportionalitéit an den Text eran. Dat stoung virdrun net am Text virun 2008. An déi zwou Notiounen vun der Traçabilitéit a vun der Proportionalitéit sinn awer wichteg Notiounen.

Duerfir mengen ech, mir kommen net ganz op déi Situatioun vu virdrun zrëck. Mir kommen trotzdeem och mat dëser Modifikatioun op eng aner, wéi mir fanne verbessert Situatioun, wéi mer se virdrun haten.

Dat gesot, bréngen ech dann och d'Zoustëmmung vun der grénger Fraktioun a géif grad wéi d'Madame Flesch hoffen, dass mer déi Motioun, déi mer zesummen déposéiert hunn, kéinten eestëmmeg am Parlament unhuelen, fir och do nach eng Kéier d'Richtung ze weisen, wéi an deenen nächste Wochen a Méint d'Diskussioun solle lafen. An dann hoffe mer, dass mer domadder en Instrument geschafen hunn, wat elo dann definitiv den Équilibre hierstellt tëscht polizeilecher Effikassitéit an anersäits awer dem noutwendege Respekt vun anere Grondrechter vun de Biergerinnen an de Bierger.

Ech soen Iech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Den honorabelen Här Henckes ass de leschte Riedner.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zu éischt meng Remerciementer och un de Rapporteur, den Här Gilles Roth, dee sech hei huet missen a ganz kuerzer Zäit an eng ganz komplex Matière aschaffen an e Rapport virleeën, dee mat ganz vill Sensibilitéit huet misse redigéiert ginn, well et effektiv dorëmmer geet, fir zwee u sech heiansdo kontradiktoresch Prinzipien op een Nenner ze bréngen.

Op där enger Säit geet et dorëmmer, fir d'Aarbecht vun der Police méi effikass ze gestalten, fir ze kucken, dass een net duerch exzessiv administrativ Aarbechten d'Enquête retardéiert oder komplizéiert mécht. An et geet och dorëmmer, dass ee muss bei esou engem Gesetz Garantie virgesinn am Gesetz, an och an der Praxis, fir dass keng Abusen an Données nominatives kënne consultéiert ginn an och net iergendwéi public gemaach ginn, déi iwwerhaapt näischt mat enger Enquête policière oder de justice ze dinn hunn.

Deen Équilibre ass net ëmmer einfach, well e beweegt sech éischters also um juristesche Punkt, mä herno och nach an der Ëmsetzung.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech mengen, sou wéi de Rapporteur an och d'Madame Flesch et virdu gesot hunn, dass mer en Équilibre fonnt hunn, an ech hoffen och, dass, wa mer elo déi administrativ Aarbechte vun der Police erliichteren, dann awer och de Ministère, de Policeminister higeet a kuckt, fir méi Leit um Terrain ze hunn. Well et gesäit een nämlech, dass bei der Policeadministratioun ganz vill Leit elo an deen administrative Waasserkaap, wéi en oft genannt gëtt, vun der Police gestach gi sinn, dass do ganz vill investéiert ginn ass, mä dass op de Kommissariat et u Leit gefeelt huet.

Ech wëll nuren drop hiweisen, dass op der Gare d'Kriminalitéit ganz staark gestiegen ass, mä d'Zuel vun de Polizisten, déi am Kommissariat sinn, ass déiselwecht bliwwen, an zu engem gegebenen Ablack wor et souguer ee manner wéi virgesinn, sou dass déi ganz preventiv Aarbecht, déi muss um Terrain gemaach ginn, net méi ka ge-

maach ginn a just nure méi ka repressiv agéiert ginn.

Dofir hoffen ech, dass mer also och duerch esou Mesurë wéi dat elei méi Leit, méi Polizisten nees erëm um Terrain kréien, anstatt dass se sech mussen op administrativ Aarbechte konzentréieren.

Déi Problematik, déi mer haut diskutéieren, do ass een Deel dovun schonn duerch d'Gesetz vum 22. Juli 2008 opgeworf ginn. An do mussen mer haut nees erëm eng Ännerung virhuelen. Wann ech mech gutt erënneren, dann huet de Justizminister op dem Patronatsfest vun der Police hei d'ganz Schold un d'Commission juridique ginn. A wann ech mech och nach... Ech menge mech awer ze erënneren, dass deen Text, deen incriminéiert gi war, net dee war, deen d'Justizkommissioun geännert hat, mä dass dat den Originaltext war vun der Regierung. Den Här Minister ka mech herno vläicht berichtegen, mä ech mengen, dass, wann ee selwer en Text ausschafft, da soll een och derzou stoën. D'autant plus, dass Der déi ganz Aarbecht vun der Kommissioun jo och herno guttgeheescht hutt.

Wat ech och bemängelt hunn, dat ass, dass deen Dialog tëscht Justizministère, Justizminister a Policeminister hätt och missen op deem Punkt stattfannen. Well ech mengen, wann een esou Schwieregkeete gesäit a wa schonn esou en Dialog néideg ass, da gesäit ee jo awer och, dass et noutwendeg ass, dass op där enger Säit déi praktesch Ausféierungsbestëmmungen och vun der Police kënne kontrolléiert ginn an dass dat och an ons Debatte soll kënne afléissen.

Da stellt sech awer nach ee praktesche Problem. Dat ass, ech froen de Justizminister, ob et méiglech ass, elo schonn ze retracéieren, wien am Informatiksystem eng Consultatioun freet. Ech hunn d'Impressioun, dass dat net ëmmer méiglech ass. Sauf, wann et Enquête sinn, déi vum Untersuchungsrichter ordonnéiert gi sinn. Mä dass bei normale Consultatiounen dat och misst gemaach ginn.

Dofir wollt ech och soen, dass d'ADR wäert déi Motioun matstëmmen, mir hu se jo och mat ënnerschriwwen, déi fuerdert, dass den Informatiksystem och esou adaptéiert gëtt, dass sech dëst Gesetz och praktesch realiséiere léisst.

Dofir, mengen ech, sinn alleguerten déi Donnéeën, wann dat praktesch realiséiert gëtt, ass dat alles an der Rei. Da komme mer zu engem gudde Kompromëss tëscht der Aart a Weis, wéi mer dëst Gesetz ausleeën a wéi mer et och ausféieren.

Dat gesot, wollt ech also den Accord och vun der ADR-Fraktioun ginn. Well ech mengen, et ass e wichteg Gesetz. A mir kënne jo och net zouloossen, dass mer op eng Kéier an där Situatioun sinn, dass lëtzebueresch Poliziste verschidden Donnéeën net kënne consultéieren, déi hir auslännesch Kollege kéinte consultéieren. Ech mengen, dat wier d'Absurditéit selwer. Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der ADR-Grupp zu dësem Projet de loi.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Justizminister Luc Frieden huet elo d'Wuert.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn ëmmer gesot, an ech sinn hir dankbar, der Madame Flesch, dass se dat hei rappeléiert huet, dass déi dräi grouss Kritären, no deenen ech an deene leschte fënnef Joer Politik vun der Justiz a vun der banneschter Sécherheet gemaach hunn, sech orientéiert hunn an de Wieder Fräiheet, Sécherheet a Rechtsstat.

Dat ass a bleift meng Leitlinn vum politeschen Handeln an deene Beräicher. An dat war richteg fir all déi Projeten, déi mer virdu gemaach hunn. Dat ass richteg fir dee Projet vun haut, deen op e puer Punkte preziséiert gëtt par rapport zu deem, wat mer déi leschte Kéier gemaach haten.

Elo kann ee sech stonnelaang doriwwer opreegen, wie wat a wéi engem Moment geschriwwen hätt. An dat gehéiert och héchstwahrscheinlech derzou, zur politescher Debatte.

Meng Remarquen, déi jo hei anscheinend zu gréisster Opreegung gefouert hunn, déi ware par rapport zu engem Projet de loi, deen d'Regierung an der Chamber deposéiert huet. A wann d'Chamber dee Projet de loi deemools esou gestëmmt hätt, wéi d'Regierung en deposéiert hat, da wär et net zu deene Schwieregkeete komm.

» **Une voix.** - Dat ass net wouer, Här Minister!

(Interruptions)

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Dee Problem, deen Text, deen d'Regierung erabruecht huet, hätt net zu deene Schwieregkeete gefouert. Mä wann en Text praktesch Applikatiounsschwieregkeete mat sech zitt, da fannen ech ass et net dat Schrecklechste op der Welt, dass een da versicht, déi duerno erauszehuelen.

Elo kann ee sech doriwwer stonnelaang opreegen. Fir mech zielt eppes, an dat bleift fir mech wichteg. Dat ass, dass d'Police an d'Justiz Mëttelen hunn, fir kënne hir Aarbecht uerdentlech ze maachen.

A wa mer haut e Land hunn, wat besser dosteet wéi seng Nopeschlänner an Terme vu Sécherheet, wa mer haut e Land hunn, wou d'Opklärungsquot och an deene leschte Joren eropgaangen ass, dann ass dat, well mer der Police an der Justiz déi gesetzlech, déi mënschlech, déi Zuel vun de Leit an déi budgetär Mëttelen ginn hunn, fir hir Aarbecht ze maachen. Dat ass schlussendlech dat, op dat et ukënnt. An ech stelle fest, dass dat weder an der Debatte vun 2008 nach an där Debatte vun haut contestéiert ginn ass.

Mir hu méi Leit um Terrain wéi mer der fréier haten. Mir hunn extra Moossname geholl, soen ech dem Här Henckes, fir dass méi Leit um Terrain sinn. Mir hunn zousätzlech Patrouillen agefouert, mir hunn d'Kommissariat ausgebaut. Dat ass e Prozess, deen ech ugeleiert hunn, deen zënter zwee Joer leeft an deen och an deenen nächste Jore muss weidergoen. Et sief dann, et géif een eng politesch Décisioun huelen, déi net en ligne wär mat deem, wat ech an deene leschte Joren an d'Wee geleet hunn.

D'Sécherheet ass e Grondrecht, op deem vill anerer baséieren. Da muss ee selbstverständlech e richtegen Équilibre fannen. Deen Équilibre, dee gesäit deen een heiansdo méi op der Sécherheet, deen anere méi op der Fräiheet. Dofir sinn déi Sätz, fir ze soen, et brauch een Équilibre tëscht Sécherheet a Fräiheet - doriwwer hu mer iwwregens schonn heibanne geschwat - liicht gesot, mä am konkrete Fall ass dat eng subjektiv Appréciatioun.

Ech mengen och an deelen d'Meenung vum Här Bodry, dass mer mussen dem Datenschutz eng grouss Attention bäimoossen. Ech géif allerdéngs deem just bäifügen, dass dat a mengen Aen net nëmmen zielt fir de Secteur public, mä dass dat zu engem ganz groussen Deel och gehéiert zum Datenschutz am Privatsektor. Well ech sinn erstaunt, wéi vill privat Donnéeën d'Leit all méiglechen Entreprisë ginn, déi hinnen all Zorte vu Kaarten offréieren, wéi vill Donnéeën se an den Internet eragin.

Dat reegt mech vill méi op, wéi wann een e puer Donnéeën der Sécurité sociale oder der Justiz oder der Police muss ginn. Well bei deenen Organer, an och an dësem Gesetz, ginn et x Garantien, dass et net kann oder net liicht kann zu Abusë kommen, well et och eng Autorité de contrôle gëtt, déi och regelméissig e Bericht mécht, deen och d'Chamber kritt, fir ze kucken, wat do geschitt ass a wie mat wéi engem Motiv consultéiert huet.

Dofir mengen ech, dass dat Gesetz vum leschte Joer kee schlecht Gesetz war, dass den Text vun der Regierung en fait net zu deene Schwieregkeete gefouert hätt. Dass ech mech net deem Text opposéiert hunn, deen d'Chamber deemools gemaach huet, dat ass vläicht, well ech ze vill fein an ze vill gutt mat der Commission juridique vun dëser Chamber fueren.

Dat empëchéiert net, dass deen een oder deen aneren emol eng aner Meenung huet. Dat ass esou an der Demokratie an dat soll och esou bleiwen.

Mä ech mengen, d'Garantië waren am éischten Text, d'Garantië sinn am zweeten Text, an eng Rei technesch Problemer, déi um Terrain komm sinn, déi si verbessert ginn. An dofir, mengen ech, ass et e gudden Text, dee jo och hei schéngt breet Zoustëmmung ze fannen.

Zu där Question parlementaire...

» **Une voix.** - Ah!

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - ...wollt ech soen, Här President, dass ech vum Här Bettel bal all Woch eng Question parlementaire kréien. Dass dann do duerch heiansdo eng ënnerwee verluer geet...

(Interruption)

...dann ass dat sécherlech vu mir e gravé Feeler. Mä ech hu mer emol den Datum vun där Question parlementaire ugekuckt, dat war Enn September 2008. An Dir kënnt Iech vläicht erënneren, wat Enn September 2008 hei am Land lass war. Dat ass keng Excuse, dat ass just eng Erklärung, déi ech mer ginn, wat do derzwëschent alles geschitt ass. Dat war also...

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Dat war wéi Der zwou Stonne bei der Police waart, moies op der Sitzung, dass war deen Dag. Ass et dat, wat Der mengt?

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Ech schwätze vun deenen Deeg.

(Interruption)

» **M. le Président.** - Här Bettel, Dir hutt elo esou laang op eng Äntwert gewaart, da gitt dem Minister elo d'Chance, fir d'Äntwert ze ginn.

(Hilarité et interruptions)

» **Une voix.** - Voilà!

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Ech wollt also dem Här Bettel soen, dass ech em gäre mëndlech a mënschlech a schrëftlech op déi Fro hei äntwerten. Wann en net fënn, dass déi Äntwerten hei schonn duerginn, déi ech haut ginn hunn. Nämlech, dass dee Seuil de peine do net am initiale Projet steet, dass ech mech an der Chamber... Net, dass ech dat ni eng gutt Iddi fonnt hunn, mä dass dat eng Reaktioun war op eng Rei Avisen, déi komm sinn, déi gesot hunn, dee Projet géif ze wäit goen. An do duerch ass esou eng Iddi akomm, déi net am Projet vun der Regierung war, an ech mengen och, dass et gutt ass, dass dat erëm haut erauskënnt.

Dat Zweet, dat ass, dass ech anscheinend gesot hunn, an dat fannen ech nach ëmmer gutt...

(Hilarité)

...dass ech dat dat Normalste vun der Welt géif fannen, wann am Parlament en Text amendéiert gëtt. Ech kann dem Här Bettel soen, dass ech dat nach ëmmer normal fannen. Hie freet mech, ob ech meng Meenung geännert hunn: Ech hu meng Meenung net geännert.

Iwwert d'Lëscht vun Infractiounen - eng Fro, déi jo hei den Här Braz gestallt huet: Ech fannen dat keng gutt Technique législative, fir iwwerall esou Lëscht vun Infractiounen ze maachen. Ech gesinn, zu wat dat ka féieren. Ech mengen, déi Lëscht sinn ëmmer onkomplett, an et ass einfach schlecht Technique législative, well mir hunn déi Diskussioun och ganz oft am Code pénal, ob mer do ganz Lëschten opféieren oder net. Mä wann d'Parlament enger anerer Meenung ass, da muss et do eng aner Meenung hunn; fir mech ass dat als Jurist keng gutt Method, fir virzeféieren.

An de leschten Deel vun der Fro war, ob ech esou Restriktiounen géif schlecht fannen. Ech weess net genee, wat fir eng Restriktiounen gemengt waren, mä ech mengen, dass Dateschutz wichteg ass. Ech féieren dat och gären nach eng Kéier schrëftlech aus, wann dat noutwendeg wär.

Zu där Motioun, déi d'Madame...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Mä Dir sidd jo ganz zefridden, gesinn ech, Här Bettel, dann hat et sech jo rentéiert fir ze waarden.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - ...zefridden, mä siwe Méint, also dat doten hätt och kënnen éischter geäntwert ginn.

» **M. le Président.** - Et ass jo elo an der Rei. D'Fro ass elo beäntwert, Här Minister, an domadder ass dee Punkt ofgeschloss.

(Interruptions)

Da lauschtert elo no, wann ech gelift!

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Zu där Motioun, déi d'Madame Flesch zesumme mat allen anere Parteien abruecht huet, muss ech soen, dass ech déi am Numm vun där aktueller Regierung kann unhuelen. Si adresséiert sech un déi, déi aus de Wahlen vum 7. Juni ervirgeet. Mä mam Inhalt sinn ech an dëser an an där nächster Regierung, sollt ech dra sinn, ganz d'accord.

(Hilarité)

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass amgaangen. D'perséinlech Stëmme fir d'éischt. Vote par procuration. Et feelt nach ee Vote.

(Brouhaha)

Gutt, da schléisse mer awer elo of.

De Projet de loi 5986 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par Mme Martine Stein-Mergen), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Félix Braz), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Camille Gira);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Mir kommen zur Motioun vun der honorabler Madame Flesch. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Ech gesinn, dass dat d'Unanimitéit mécht.

Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Projet de loi iwwert d'Informatik bei der Douane. Rapporteur ass hei den honorabelen Här Hauptert. Här Hauptert, Dir hutt d'Wuert. Ageschriwwen sinn den Här Meisch an den Här Fayot.

(Brouhaha général)

4. 5880 - Projet de loi relative au financement d'une solution informatique permettant la création d'un environnement sans support papier pour la douane et le commerce

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» M. Norbert Hauptert (CSV) rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mam Vote vum Projet 5880 verfügt d'Regierung iwwer eng finanziell Enveloppe vun 29,6 Milliounen Euro fir d'Realisatioun vum Projet „paperless“ Douane a Commerce, dat heescht en Ofwéckelen vun den Douanesformaliteiten am grenziwwerschneidende Wuerentransport ouni Paperassen.

Dëse Projet reit sech an d'Beiméierung vun der Regierung an, fir de Bierger, awer och besonnesch de Betriber hir administrativ Aarbechten esou wäit wéi méiglech ze vereinfachen a se zu engem groussen Deel vu lästegen Paperassen ze entlaaschten, wat

hinne vill Aarbecht an domadder vill Suen erspuert.

Derniewent soll de System d'Organisatioun vun den Douaneskontrolle méi effikass gestalten, fir esou d'Frauden, déi organiséiert Kriminalitéit an awer och den Terrorisme besser bekämpfen ze kënnen, an doduerch déi finanziell Interêt vum de Länner ze assurieren, d'Gesondheet vun de Leit an de Schutz vun der Ëmwelt ze assurieren.

De Projet soll sech iwwer eng Rei vu Joren erstrecken a bis 2014 ofgeschloss sinn. An Zukunft soll et also méiglech ginn, datt bei der Importatioun vu Wueren aus engem EU-Stat...

(Brouhaha général et coups de cloche de la Présidence)

...déi Donnéeën, déi am Exportland elektronesch enregistriert ginn, direkt an d'Land vum Importateur weidergereecht ginn, ouni datt deen erëm bei sech am Land eng nei Deklaratioun maache muss.

Soubal d'Wueren am Ausland ofgefäerdegt sinn, ginn d'Formaliteiten elektronesch an d'Destinationsland weidergereecht a si beim Client ukomm, ier d'Wueren iwwerhaupt geliwwert sinn.

Och soll et engem Exportateur an Zukunft méiglech sinn, eng Déclaration sommaire entrée et sortie un all Grenzposten an der EU, déi säi Wuerentransport passéiere muss, weiderzeleeden, fir esou d'Offäerdege vun dem Transport op deenen eenzelne Posten ze assurieren a méi expeditiv ze gestalten.

Anerersäits solle sämtlech Reglementer vun allen europäesche Länner, déi am grenziwwerschneidende Wuerentransport verlaangt ginn, elektronesch ofluedbar ginn, sou datt eng Exportfirma net méi déi verschidde Verwaltungen am Ausland kontaktéiere muss, fir den einwandfräien Oflaf vun engem Export ze garantieren.

E Guichet unique soll an all Land geschaf ginn, deen de Betriber erlaabt, eng eenzeg Kéier all Informatiounen, déi vun deene verschidde Verwaltungen a Relatioun mat de grenziwwerschneidende Wuerentransporter verlaangt ginn, elektronesch festzeschreien, déi dann un déi eenzel Administratioun weidergeleet ginn. Eng wesentlech Vereinfachung fir d'Betriber, déi am Import-Export-Geschäft tätég sinn.

Mat dësem Projet erfëlle mer och d'Obligatiounen, déi iwwer europäesch Décisiounen am Kader vun der Lissabon-Strategie un eis erugebroe gi sinn, an zwar d'Décisioun vum Joer 2003 iwwert d'Informatiounen vum Floss an der Kontroll vun de Wueren, déi den Accisen ënnerleien; d'Décisioun vum Joer 2004 iwwert d'Interoperabilitéit vun den europäeschen Administratiounen, a schlussendlech d'Décisioun aus dem leschte Joer, dem Joer 2008, iwwer eng „paperless“ Douane a Commerce.

D'Avantagë vun dësem Projet sinn evident: fir de Commerçant méi e schnelle Wuerefloss, administrativ Vereinfachung an domat Käschtenspuernësser; Accès un e Portail unique; besser Informatiounen iwwer Internet; méi loyal Konkurrenz, well d'Fraudë besser an de Grëff geholl kënnen ginn; fir d'Verwaltung méi Zäit fir d'eigentlech Kontroll vun Wuerefloss, an domat eng besser Kontroll iwwert d'Anzéie vun den Douanes an den Acciserechter; méi eng grouss Sécherheet iwwert d'Donnéeë vum Wuereverkéier, déi den Accisen ënnerleien; méi e korrekt Erhiewe vun den Douanes- an Acciserechter; méi eng effikass Kontroll duerch eng besser Gestiou vum de cibléierte Risiken, a wéineger Archiven an domadder eng besser Aarbechtsraumdeelung.

Den ursprénglechen Text hat eng Enveloppe vu 24 Milliounen Euro fir déi véier verschidden Etappe vun der Realisatioun vum Projet bis d'Joer 2010 virgesinn. D'Kommissioun war awer der Meinung, et sollt ee gläich eng Enveloppe fir de gesamte Projet virgesinn, an zwar bis de Projet ofgeschloss ass am Joer 2014, sou datt d'Kommissioun proposéiert huet, de Kredit op 29.658.000 Euro eropzesetzen.

De Conseil d'État an déi verschidde Beruffschamberen hunn en Avis favorable zum Projet ginn. D'Kommissioun huet mäi Rapport eestëmmeg ugeholl a schléit dem Plenum vir, de Projet de loi esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.

Ech bréngen domadder d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun.

Ech soen Iech Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Den honorabelen Här Meisch huet d'Wuert.

Discussion générale

» M. Claude Meisch (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Norbert Hauptert, dem Rapporteur, Merci soe fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport, deen op d'Komplexitéit vun dësem Projet higewisen huet, deen och dorop higewisen huet, firwat een a Richtung vun enger Douane ouni Pabeier higeet: Well et méi einfach ass, well et méi effikass ka sinn, well mer net nëmmen doduerjer Ressourcen a Form vu Pabeier spueren, mä well mer virun allem eng aner Aarbechtsorganisatioun an enger Verwaltung kënnen kréien, déi dozou féiert, datt d'Verwaltung aneschtens, besser, méi performant ka funktionnéieren.

Mir hoffen awer och, datt d'Verwaltung doduerjer am Kontakt mat den Entreprisë méi effikass a méi kulant ka funktionnéieren, datt et also och zu enger Aarbechtsrelaxatioun op där anerer Säit vun de Betriber wäert kommen.

Dëse Projet huet op där enger Säit e Käschtetepunkt, an et ass gutt, datt et e Gesamtkäschtetepunkt gëtt fir d'Ëmsetzung vun deem Projet, datt d'Chamber och weess, wann déi éischt Schrëtt gemaach sinn, wat et bis zum leschte Schrëtt da kascht mat deenen 29,6 Milliounen bis an d'Joer 2014.

Opgrond vun deem, wat hei erkläert ginn ass, wat och schon am schrëftlechen Rapport virgedroe war, kann d'Demokratesch Partei an eis Fraktioun dësem Projet nëmmen zoustëmmen.

Et wär interessant natierlech, wann eng Verwaltung wéi déi doten ouni Pabeier kéint funktionnéieren, fir och ze kucken, wéi ee Schrëtt fir Schrëtt op aner Verwaltungen kéint de Prinzip vun der Verwaltung ouni Pabeier ausweiden an ëmsetzen, fir datt mer och do nei Organisatiounsstrukture kéinten kréien, déi méi Effikasitéit kéinten assurieren a gläichzäiteg och ressourcëschounend kéinte virgoen.

Villmools Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Meisch. Wëllt soss nach een d'Wuert hunn?

Wann dat net de Fall ass, Dir Dammen an Dir Hären, da komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi.

Ee Moment nach, mir hunn e Problem hei zu menger lénker Säit.

(Hilarité)

Här Bettel, da sot emol, déi Kolleegen, déi nach do sinn, déi solle wann ech gelift endlech kommen.

(Interruptions diverses)

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote ass amgaangen. Vote par procuration.

(Brouhaha général)

Mä et ass kee Problem, Dir braucht nëmmen heibannen ze bleiwen.

De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5880 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener (par M. Marcel Oberweis), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Marc Angel), M. Fernand Diederich (par M. John Castegnaro), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par M. Roland Schreiner), Jos Scheuer (par Mme Lydia Mutsch), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);

MM. Eugène Berger (par M. Charles Goerens), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Claude Meisch), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Fernand Etgen);

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Henri Kox), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote

constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Nächste Punkt op eisem Ordre du jour ass de Projet iwwert d'Verstärke vun de Strukturen vun der Douanesdirektioun. Hei ass de Rapporteur och den honorabelen Här Hauptert. Dir hutt direkt d'Wuert, Här Hauptert.

5. 5901 - Projet de loi portant renforcement des structures de direction de l'Administration des douanes et accises

Rapport de la Commission des Finances et du Budget.

» M. Norbert Hauptert (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet 5901 schléisst d'Beiméierung vun der Regierung of, fir de Fiskaladministratiounen déi néideg Strukturen ze verschafen, fir hire wichtegen Aufgaben op nationalem an internationalem Plang gerecht ze ginn. An där Optik hu mer an deene leschte Jore verschidde Gesetzer gestëmmt iwwert d'Reorganisatioun vun der Steierverwaltung an dem Enregistrement souwéi datt wichtegt Gesetz iwwert den Austausch vun den Informatiounen tëscht deene verschidde Fiskalverwaltungen an dësen Administratiounen mat anere Verwaltungen aus dem Stat.

D'Zil vun dësem Projet ass en duebelt: éischstens, d'Strukture vun der Douanesverwaltung esou ze gestalten, fir déi komplex Aufgaben, déi op nationalem Plang a besonnesch am Kontext vun der Europäescher Unioun u si erugebroe ginn, optimal ze assurieren, an zweetens eng Harmonisatioun an de Strukturen vun deenen dräi Fiskalverwaltungen - dat heescht der Steierverwaltung, dem Enregistrement an der Douanesverwaltung - erbäizeféieren.

An deem Sënn gesäit de Projet d'Kreatioun vu Poste vun zwee Directeurs adjoints an der Carrière supérieure vun der Douanesverwaltung vir, déi am Grad 16 vun der Carrière administrative vun der Statsverwaltung agestuift ginn. Bis elo war den Directeur adjoint vun der Douane am Grad 14 vun der Carrière moyenne aklasséiert. Mat dëser Dispositioun gëtt d'Douanesverwaltung op deeselwechten Niveau wéi d'Steierverwaltung an den Enregistrement gesat.

Des Weidere gesäit de Projet d'Afféiere vun enger Filière informatique an deenen zwou ieweschte Carrière vun der Verwaltung vir, déi de Projet „paperless“ Douane, dee mer elo grad hei gestëmmt hunn, optimal begleede sollen.

Derniewent gesäit de Projet d'Kreatioun vun zwou neien Divisiounen an der Verwaltungsstruktur vun der Douane vir, an zwar eng Division technique de l'information et de la communication am Sënn vun enger erweiterter Informatisatioun vun der Douane, an eng Division des relations internationales, fir der erweiterter Roll vun der Verwaltung um europäesche Plang Rechnung ze droen.

Des Weidere soll iwwert de Projet d'Méiglechkeet vun der Kreatioun vu Postes hors cadre an der Carrière moyenne vun der Douanesverwaltung geschaf ginn, fir der Verwaltung méi Flexibilitéit bei der Promotioun vun hire Beamten an der Besetzung vu wichtige Posten ze verschafen.

De Statsrot huet mat e puer Remarquen en Avis favorable zu dësem Projet ofginn. D'Finanz- an d'Budgetskommissioun huet mam Averstännis vun der Regierung eng Rei vun Amendementer zum Projet proposéiert. Esou huet d'Kommissioun zum Beispill virgeschloen, d'Division du contentieux, des enquêtes et recherches op Division contentieux et coopération ëmzedeeften.

De Conseil d'État huet déi Ännerung begreisst, well se méi eng kloer Distinctioun tëscht de Services, déi sech engersäits mam Contentieux an anerersäits mat den Enquêtes befaassen, mécht.

D'Kommissioun huet dem Statsrot seng Propos vun enger Vereinfachung vum Paragraph 2 vum éischten Artikel net gefollegt, well soss all Fonctionnaire vun der Douanesverwaltung an Zukunft hätte misse vum Grand-Duc genannt ginn, well en Deel vun den Ernennungen ginn haut vum Minister virgeholl. Duerfir huet d'Kommissioun och gemengt, net där Ännerung vum Statsrot nozekommen, an de Statsrot huet och a sengem Avis complémentaire Verstännis fir d'Situatioun vun der Kommissioun geholl.

D'Kommissioun huet de Rapport esou, wéi ech e virgeluecht hat, och eestëmmeg ugeholl a schléit dem Plenum vir, fir de Projet esou ze stëmmen, wéi en hei virläit.